N°2394
Entrée le 02.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Elisabeth Margue an dem Här Educatiounsminister Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n° 2394 vum 2. Juni 2025 vun der honorabeler Deputéiert Nathalie Morgenthaler.**

1. **Wéi vill Fäll vu presuméierter sexueller Gewalt géint Mannerjäreger goufen an de leschten zéng Joer zu Lëtzebuerg ouni weider juristesch Suite klasséiert? Wat waren d'Haaptgrënn fir dës Entscheedungen?**

Déi bäigefüügten Tabellen dokumentéieren d'Zuele vun de Fäll aus de leschte fënnef Joer, déi ad acta klasséiert goufen. Déi viséiert Fäll betreffe Strofdote wéi: Verletzung vun der sexueller Integritéit, Vergewaltegung, Zeréckgräifen op Prostitutioun vu Mannerjäreger, Verfaassen oder Verbreede vu Messagë mat gewaltsamen oder pornographeschen Inhalter. Wat d'Motivatioun vun der Klassifikatioun ad acta ugeet, esou sinn déi ganz ënnerschiddlech, wéi dat aus dem zweeten Tableau ervirgeet.

Et ass ganz wichteg ze betounen, datt ëmmer enquêtéiert gëtt, wann eng Plainte, ee Signalement oder een Indice virläit, deen op eng präsuméiert Mësshandlung vun engem Mannerjäregen hindeit.

E wichtegt Element bei der Klassifizéierung Ad Acta am Tableau ass och, dass, no den Informatioune vun de statistesche Servicer vun der Justiz, eng grouss Unzuel vun Täter vu sexuellen Infraktioune géintiwwer Mannerjäreger, Cyber-Pedokriminalitéit abegraff, zum Zäitpunkt vun der Dot selwer mannerjäreg sinn. Och an dëse Fäll ginn Enquêtë gemaach, a méiglech Perquisitiounen, Saisien an Interrogatoirë ginn no deene selwechte Reegele gefouert wéi bei erwuessenen Täter, mee d'Poursuite sinn aneschters. Well Lëtzebuerg aktuell nach kee speziellt Strofrecht fir Mannerjäreger huet, gëtt ee groussen Deel vun den Affairen, wou den Täter mannerjäreg ass, a wou him ee sexuellen Delikt virgehäit gëtt, ënnert dem Aspekt vum Jugendschutz behandelt, wat eng duebel a separat Numerotatioun vun den Dossiere mat sech bréngt. Déi Fäll ginn dann an dem Tableau hei ënnert <u>"Poursuites inopportunes"</u> klasséiert. D'Unzuel vun Dossieren, déi ënnert dem generellen Droit opgemaach gëtt, an also zu enger Enquête féieren, schéngt esou also méi héich wéi d'Unzuel vun de Poursuiten, déi tatsächlech gemaach goufen. Dës duebel Numerotatioun féiert dozou dass di klassesch Penalenquête ënnert enger genereller Nummer enregistréiert gëtt, mee awer net onbedéngt zu enger Verurteelung féiert, wëll den Täter mannerjäreg ass an, aus deem Grond, niewent dem penalen Dossier och een aneren Dossier am Kader vum Jugendschutz opgemaach gëtt. D'Dossieren, wou ee mannerjärege Stroftäter impliziéiert ass, ginn deemno net ënnert der klassescher Nomenclature vun de Geriichtsprozedure comptabiliséiert, wëll dës Stroftäter net *stricto senso* um Penalen virum Jugendgeriicht condamnéiert ginn. D'Reform vum Jugendschutzgesetz vun 1992 mat der Aféierung vun engem Jugendstrofrecht, wäert et, wéi och schonns am Kader vun anere parlamentaresche Froe präziséiert, an Zukunft erméiglechen hei méi genee an detailléiert Zuelen ze kréien.

**Nombre d'affaires classées Ad Acta***

| Parquet | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|
| Parquet de Diekirch | 7 | 8 | 14 | 18 | 20 |
| Parquet de Luxembourg | 52 | 54 | 73 | 72 | 99 |
| Total | 59 | 62 | 87 | 90 | 119 |

**par date de l'événement Ad Acta. Articles retenus du Code pénal : 372, 375, 377, 379, 382-6, 382-7, 383bis, 383ter, 384.*

**Nombre d'affaires classées Ad Acta***

| Motif Ad Acta | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|
| Action publique éteinte | 3 | 1 | 1 | 2 | 1 |
| Article 71 du Code Pénal | 2 | 1 | 0 | 1 | 0 |
| Auteur inconnu | 4 | 2 | 5 | 7 | 9 |
| Avertissement | 1 | 6 | 7 | 9 | 9 |
| Dénonciation officielle à l'étranger | 5 | 3 | 6 | 4 | 6 |
| Dépassement délai raisonnable | 1 | 0 | 0 | 1 | 1 |
| Désintérêt de la victime | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| Doute | 4 | 10 | 11 | 19 | 27 |
| Incompétence territoriale | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| Infraction insuffisamment caractérisée | 1 | 2 | 6 | 7 | 6 |
| Infraction non-établie | 0 | 0 | 0 | 3 | 1 |
| Non bis in idem | 1 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| Non-lieu | 0 | 0 | 1 | 0 | 0 |
| Pas d'infraction | 2 | 6 | 9 | 7 | 9 |
| Poursuites inopportunes | 31 | 27 | 37 | 28 | 42 |
| Prescription | 3 | 2 | 4 | 2 | 4 |
| Prévenu introuvable | 1 | 1 | 0 | 0 | 0 |
| Trouble minime | 0 | 1 | 0 | 0 | 4 |
| Total | 59 | 62 | 87 | 90 | 119 |

**par date de l'événement Ad Acta. Articles retenus du Code pénal : 372, 375, 377, 379, 382-6, 382-7, 383bis, 383ter, 384.*

**Source :** Affaires nationales, JUCHA, Extraction 2.6.2025

Et kann een nach ervirhiewen, dass zanter dem 1. Juli 2024 een extrae Service vun der konventionéierter Asbl ALUPSE, seng Dieren opgemaach huet. Dëse Service begleet mannerjäreg Auteure vu schroer oder sexueller Gewalt. De Parquet orientéiert vill betraffe Mannerjäreger dohinner, virun allem wann d'Affer och mannerjäreg ass.

***2. Wat geschitt an deem uewegenannte Fall mat der Mamm vum Kand? Gëtt déi och nach belaangt a verurteelt?***

Hei muss dorop verwise ginn, datt et sech beim Fall, op deen sech déi honorabel Deputéiert referéiert, aktuell ëm eng lafend Justizaffaire handelt, souwéi op d'Ausféierunge vun de Justizautoritéiten an der Justizkommissioun vum 19. Juni 2025.

***3. Wéi gesäit d'Roll vum SCAS an esou Affären aus? Wéi ass d'Personal forméiert fir standardiséiert Tester duerchzeféiere fir de Risiko fir Mannerjäreger richteg kënnen anzeschätzen?***

Am Kader vum Gesetz iwwert de Jugendschutz vum 10. August 1992, realiséiert d'Sektioun "Enquêtes sociales" vum SCAS sozial Enquêten op d'Demande vun der Justiz, an ënnert der Autoritéit vum Parquet.

D'Aufgabe vun de SCAS-Agente besteet doranner all wichteg Informatioun iwwert de Jugendlechen zesummen ze droen. Et geet drëms déi komplett Situatioun vum Jugendlechen ze verstoen a virun allem erauszefannen, ob hien a Gefor ass. Duerfir ass et wichteg d'Famill vum Jugendleche kënnen ze léiere fir d'Familljendynamik z'evaluéieren. De SCAS kontaktéiert och aner Professioneller, wéi d'Léierpersonal, oder spezialiséiert Servicer. De SCAS baséiert sech also net nëmmen op d'Aussoe vum Jugendlechen oder vun dem senger Famill. Dëst erméiglecht dem SCAS een zouverlässegt Bild vun der Situatioun ze hunn, an der Justiz een detailléierte Rapport zoukommen ze loossen, op deen d'Justiz sech baséiert fir Decisiounen ze huelen a Mesuren an d'Weeër ze leeden.

De SCAS besteet aus Agenten déi speziell forméiert sinn. Aktuell beschäftegt de SCAS 146 Leit an dovunner schaffen der 54 fir de Service "Enquêtes sociales". Dëse Service ass pluridisziplinär a besteet aus 49 Sozialaarbechter, 3 Psychologen an 2 Kriminologen. Dës Professioneller intervenéieren exklusiv an dësem Beräich.

4. **Wéi vill obligatoresch (Weider)Bildungsstonne kréien d'Magistraten a Procureuren a Bezuch op Pedokrimineller, hir Virgoensweis an den Impakt op d'Affer?**

Fir Magistrat ze gi muss een nom Examensconcours, deen ee gepackt muss hunn, ee Stage vun engem Joer absolvéieren, zum Deel am Ausland, ënnert anerem bei de Gerichter, de Parqueten oder de verschiddene Servicer vun der Police.

D'Weiderbildung spillt eng zentral Roll am Kader vun der Justiz. All Magistraten hunn Zougang zu spezialiséierte Weiderbildunge fir d'Kompetenzen an dem Domaine, wou se schaffen, ze verdéiwe wéi z.B. sexuelle Mëssbrauch, d'Rechter vun de Kanner oder adaptéiert Methode fir mat Affer ëmzegoen oder Enquêten ze féieren, wou Mannerjäreger impliZéiert sinn.

Esouwuel d'Geriichter, wéi och de Parquet, sinn a verschidde spezialiséiert Chamberen oder Departementer strukturéiert, fir kënnen op déi ënnerschiddlech Situatioune geziilt an efficace anzegoen.

Um Niveau vum Parquet këmmert sech den Departement vun der Protection de la jeunesse et des affaires familiales ëm all Situatioun, wou Kanner oder Mannerjäreger impliZéiert sinn. Am Géigesaz zu aneren Departementer, schaffen d'Magistrate vum Departement vun der Protection de la jeunesse et des affaires familiales just op dëse sensibelen Dossieren. Dës Spezialisatioun erlaabt et besser op d'Besoine vun de Kanner an hire Familljen anzegoen.

Et kann een nach ervirhiewen, dass de Parquet sech aktiv ëm déi intern Weiderbildung vu senge Magistrate këmmert. Aleng dëst Joer si schonn e puer Formatiounen organiséiert gi mat Partner, wéi UNICEF, fir d'Magistraten op déi spezifesch Erausfuerderunge vum Jugendschutz ze sensibiliséieren. Doniewent gouf et och Formatiounen, déi vun unerkannten Experten animéiert gi si wéi z.B. d' Dokter Anne Laurent-Vannier, déi Member ass vun der Haute Autorité de la Santé, oder d' Professer Mireille Cyr, déi esouwuel eis Police, wéi och d'Police aus eisen Nopeschlänner (Belsch, Frankräich) wéi och aus der Schwäiz oder Kanada forméiert. Lëtzebuergesch an auslännesch Associatiounen, déi mam Parquet zesummeschaffe, konnten och hir Aarbechtsmethode präsentéieren.

5. **Sinn déi aktuell Kontroll- a Sécherheetsprozedure ronderëm de Recrutement vu Leit a Verwaltungsréit, déi mat Mannerjäregen ze dinn hunn, nach adequat oder mussen se eventuell verschäerf ginn?**
6. **Ass virgesinn, dass all Organisatoun, déi mat Kanner oder Jugendleche schafft, e Kannerschutzkonzept muss aféieren?**

D'Gesetz vum 7. August 2023 iwwert d'ASBLen an d'Fondatiounen, wat sech ganz allgemeng op all Asblen a Fondatiounen aus allen Aktivitéitsberäicher bezitt, an net déi méi spezifesch Situatioune reegelt, gesäit haut vir, dass eng Kontroll vun der Éierbarkeet *(contrôle d'honorabilité)* muss gemaach ginn:

- vun all Member vum Verwaltungsrot vun enger ASBL bei all Demande fir d'Unerkennung vum Statut vun ëffentlecher Nëtzlechkeet (*demande en vue de la reconnaissance du statut* ***d'utilité publique****)*. D'Inscriptioune vun all Member vum Verwaltungsrot am Strofregister gi kontrolléiert. Eng nei Kontroll fënnt 5 Joer no der éischter statt oder wann en neie Member vum Verwaltungsrot genannt gëtt;
- vum Grënner a vun all Member vum Verwaltungsrot bei der Grënnung vun enger Fondatioun, souwéi eng nei Kontroll 5 Joer no der éischter oder wann en neie Member vum Verwaltungsrot genannt gëtt.

Fir e bessere geziilte Schutz viru méigleche Risikosituatiounen, gesäit de Gesetzesprojet „JU-CHA B" (n°7882B) da vir, et de Justizautoritéiten ënner gewësse Konditiounen ze erlaben bei Strofdoten, ewéi sexuellem Mëssbrauch vu Mineuren, de Patron vum Verdächtegen bzw. Veruerteelten, oder d'Associatioun, an der en engagéiert ass, ze informéieren. D'Amendementer zu dësem Gesetzesprojet goufen de 17. Juli 2025 an der Justizkommissioun ugeholl.

De Projet de loi portant aide, soutien et protection aux mineurs, aux jeunes adultes et aux familles (n° 7994) vum ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) gesäit vir, datt all agrééierten Träger, deen am Beräich vun der Aide à l'enfance et à la famille täteg ass, nieft sengem Concept d'action général och verflicht ass, e Kannerschutzkonzept auszeschaffen an ëmzesetzen. De MENJE ënnersträicht säi klore Wëllen fir kohärent an nohalteg Kannerschutzkonzepter an all senge Beräicher ze verankeren, deemno wäerte gesetzlech a reglementär Texter no an no ugepasst ginn. Dëst ass momentan am Beräich vun der non-formaler Bildung de Fall.

Lëtzebuerg, den 2. Oktober 2025

D'Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue